

THE BEST OF BLOG

B16



VIRWUERT

Léif Lieserinnen, Léif Lieser,

Mir freeën eis häerzlech, Iech de Bob 2016 virzestellen, deen d'ACEL – De Studentevertrieder, emol d'Joer eraus bréngt. An eisem Best of Blog weise mir Iech déi beschten Artikelen vun eisem Blog am Joer 2016, zesummegefaasst an enger Broschür. Nieft den Aktivitéiten déi d'ACEL um Programm hat, fannt Dir hei awer och d'Aktivitéiten, déi eis Membercerclen an den 12 Méint organiséiert hunn, wéi z.Bsp. Intercercle.

Op dëser Plaz soe mir all de Partner an de Cerclen Villmools Merci fir hir Ënnerstëtzung. Mir wënschen Iech vill Spaass beim Liesen.



13

WAT ASS D'ACEL?

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ver-
trëtt haut iwwer 40 Studentencercelen, déi duerch ganz Europa...

25

REEL 2016

26 Joer huet et also gedauert bis an dëser klenger Studentestad, déi
soss just wéinst méi oder manner erfollegräichem Fussball...

31

STUDENT FIR 1 DAG

An der Ouschtervakanz war nees de Student fir 1 Dag.
Ganzer 10 Reesen an eng Informatiouns Versammlung goufen...

37

STUDENTEBAL 2016

Den 22. Juli wa et erëm sou weit. Den traditionelle Studentebal wa,
wie och an deenen leschten Joeren, nees op der...

INTERCERLEN

- 17 Tarte Flambée à volonté
- 17 AVL Caférallye
- 18 Badische Meile
- 19 Niklosrallye
- 20 Friblëtz Après-Ski Party
- 20 Route du vin
- 21 Summercup
- 21 Ebbelwei-Express
- 22 Tournoi de l'Ambassadeur
- 22 Sau-fest
- 22 Soccer-Golf
- 23 Bonnympiade
- 23 Beachvolleyball lautern
- 24 Summercup
- 24 Oktoberfest Intercercle



EDITEUR

Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois (ACEL)
B.P. 63 | L-7201 Bereldange
Tél.: (+352) 691 42 05 39
www.acel.lu | contact@acel.lu

GRAFIK, LAYOUT

Anni Piticco

OPLAG

200 Exemplarer

DROCKDATUM

Dezember 2016

REDAKTION

ACEL-Comité



 44 CERCLEN 8 LÄNNER  10000 STUDENTER		9 COMITE VERSAMMLUNGEN	2 ASSEMBLEE GENERALES 2 ACEL MEETS CERCLE         
		        	11 CONSEILS & KOMMISSIONEN
D'ACEL'S-JOER 2016 AN ZUELEN			
5 GROUSS EVENEMENTER (RELAIS POUR LA VIE, STUDENT FIR 1 DAG, DE STUDENTEBAL, FOIRE DE L'ETUDIANT, TOURNOI DE NOEL)	 6 INTERVIEWEN    		
22 ENTREVUE MAT PARTNER (DOVUNNER 13 FIR DE STUDENTEBAL) 	6 ENTREVUE MAM MINISTERE      		
11 STUDENT FIR 1 DAG REESEN            	15 DIVERS EVENEMENTER 	 PUBAKTIONE FIR DE STUDENTEBAL	
20 STUDIENINFO AN LYCEEEN            	5 VERSAMMLUNGEN VUM BUREAU EXECUTE VUM CGIL      		

1 ACEL'S JOER AM IWWERBLECK



JANUAR							26.12 AG ACEL (Uni.lu Campus Walfer) 2015
S	M	T	W	T	F	S	29.12 1. Comitésversammlung 2015
					1	2	5 Ënnerschreiwen vum Kontrakt mat der Spuerkeess
3	4	5	6	7	8	9	7 Neijoers-Patt mam Héichschoulminister Marc Hansen
10	11	12	13	14	15	16	13 1. Skypeversammlung
17	18	19	20	21	22	23	18 Entrevue Luxemburger Wort
24	25	26	27	28	29	30	Entrevue Héichschoulministère (Foire de l'Etudiant)
31							22 SI Lycée Josy Barthel
							25 Entrevue Voyages Emile Weber (*Sf1D)
							Entrevue Luxemburger Wort (Guiden)

MÄRZ							3 SI LTB
S	M	T	W	T	F	S	4 SI St. Sophie
		1	2	3	4	5	7 Entrevue GDL Security (Studentebal)
6	7	8	9	10	11	12	8 Interview Eldorado (Sf1D)
13	14	15	16	17	18	19	9 Konferenz Future of Higher Education zu Amsterdam
20	21	22	23	24	25	26	11.-13. Klausurtagung Frankfurt
27	28	29	30	31			14 Entrevue Bologna Follow Up am Héichschoulministère
							15 Conseil Supérieur de la Jeunesse
							17 Interview Lëtzebuerger Journal (Sf1D)
							CSEN
							18 AG CGJL
							19 Relais pour la Vie
							SI Alima
							SI Lycée Classique Diekirch
							26 Infoveranstaltung Studium zu Bréissel (Ersatz fir *Sf1D)
							30 Student fir 1 Dag (- 9.04.16)
							Sf1D Bonn
							31 Sf1D Karlsruhe

FEBRUAR							1 SI Lycée Technique Michel Adam
S	M	T	W	T	F	S	SI Lycée Belval
	1	2	3	4	5	6	3 SI ECG
7	8	9	10	11	12	13	4 SI Fieldgen
14	15	16	17	18	19	20	SI Athenée
21	22	23	24	25	26	27	11 Remise de Chèque vum Tournoi de Noël un d'Fonation Cancer
28	29						12 Entrevue Héichschoulministère (Logementer fir d'Studenten)
							13 Zweet Comitésversammlung
							15 Entrevue VDL (Studentebal)
							Entrevue Codex (Studentebal)
							16 SI LGL
							SI Lycée Classique d'Echternach
							17 Entrevue Eldorado (Studentebal)
							18 CSEN
							19 SI Atert Lycée
							20 SI Lycée du Nord
							22 Commission Consultative Aide Financière
							23 Interview op RTL (Sf1D)
							24 SI Lycée Nic Biever
							25 Entrevue Spuerkeess (Studentebal)
							26 Entrevue REEL's Comité

ABRËLL							1 Sf1D Léck
S	M	T	W	T	F	S	2 Sf1D Düsseldorf
					1	2	4 Sf1D Tréier
3	4	5	6	7	8	9	5 Sf1D Frankfurt
10	11	12	13	14	15	16	6 Sf1D Oochen
17	18	19	20	21	22	23	7 Sf1D Köln
24	25	26	27	28	29	30	8 Sf1D Kaiserslautern
							9 Sf1D Stroosbuerg
							13 BE CGJL
							14 SI Lycée Michel Rodange
							18 Commission Consultative Aide Financière
							27 SI LTE
							AG = Assemblée Générale
							SI = Studieninfo
							Sf1D = Student fir 1 Dag
							VDL = Ville de Luxembourg
							CSEN = Conseil Supérieur d'Education National
							CGJL = Conférence Générale de la Jeunesse du Luxembourg
							*BE = Bureau Exécutif

MAI							3	Entrevue VDL (Studentebal)
							6	Debriefing Voyages Emile Weber (Sf1D)
							12	Entrevue Munhowen (Studentebal)
S	M	T	W	T	F	S		2. Skypeversammlung
1	2	3	4	5	6	7	30	Entrevue Héichschoulministère (Chambre des Etudiants)
8	9	10	11	12	13	14		Entrevue Codex (Studentebal)
15	16	17	18	19	20	21		
22	23	24	25	26	27	28		
29	30	31						

JULI							1	2. Pubaktioun (Studentebal)
							8	3. Pubaktioun (Studentebal)
							12	Entrevue Ville de Luxembourg (Studentebal)
S	M	T	W	T	F	S	15	4. Pubaktioun (Studentebal)
					1	2		Grillowend Beach Luxemburger Wort
3	4	5	6	7	8	9	16	5. Pubaktioun (Studentebal)
10	11	12	13	14	15	16	20	Comitésversammlung Studentebal
17	18	19	20	21	22	23		Entrevue Ministeren Bausch Meisch an Hansen (Gratis öffentliche Transport für Studenten)
24	25	26	27	28	29	30	21.-24.	Opbau Studentebal
31							22	De Studentebal 2016
							30	Summer AG ACEL
							31	D'ACEL mëscht Vakanz an der Provence (- 13.08.16)

JUNI							1	Experteninterview MOVE
								BE CGJL
							7	CSEN
S	M	T	W	T	F	S	8	Entrevue GDL Security (Studentebal)
			1	2	3	4	11	ACEL Meets Cercles
5	6	7	8	9	10	11		Balversammlung Studentebal
12	13	14	15	16	17	18	12	Grillowend mat der aACEL
19	20	21	22	23	24	25	13	Drett Comitésversammlung
26	27	28	29	30			22	Entrevue Havé Films (Studentebal)
							28	1. Pubaktioun (Studentebal)
								BE CGJL

AUGUST							13	Enn vun der Vakanz an der Provence
							31	4. Comitésversammlung
S	M	T	W	T	F	S		
	1	2	3	4	5	6		
7	8	9	10	11	12	13		
14	15	16	17	18	19	20		
21	22	23	24	25	26	27		
28	29	30	31					

AG = Assemblée Générale
SI = Studieninfo
Sf1D = Student für 1 Tag
VDL = Ville de Luxembourg
CSEN = Conseil Supérieur d'Education National
CGJL = Conférence Générale de la Jeunesse du Luxembourg
*BE = Bureau Exécutif

SEPTEMBER							5 Les Guides sont arrivés 6 Entrevue Uni.lu 12 Pressekonferenz ACEL (Spuerkeess) Debriefing Ville de Luxembourg (Studentebal) 13 Debriefing Codex (Studentebal) Entrevue LASEL (Tournoi de Noël (TDN)) 15 Entrevue IDEA Fondation 16 Interview Lëtzeburger Journal 19 BE CGJL 20 Interview l'Essentiel Entrevue Héichschoulministère (Studieninfoen) Entrevue REEL's Comité
S	M	T	W	T	F	S	
				1	2	3	
4	5	6	7	8	9	10	
11	12	13	14	15	16	17	
18	19	20	21	22	23	24	
25	26	27	28	29	30		

NOVEMBER							1 De neien Internetsite vun der ACEL geet online! 9.-10. Foire de l'Etudiant 14 Meeting SIGI 15 Entrevue ACL 15 BE CGJL 15 Skype Versammlung
S	M	T	W	T	F	S	
		1	2	3	4	5	
6	7	8	9	10	11	12	
13	14	15	16	17	18	19	
20	21	22	23	24	25	26	
27	28	29	30				

OKTOBER							3 Commission Consultative Aide Financière 6.-9. REEL Kaiserslautern 11 Entrevue Codex (Foire de l'Etudiant) 13 CSEN 15 SI Athenée 21 Entrevue CEDIES (Studieninfoen) 22 5. Comitésversammlung
S	M	T	W	T	F	S	
						1	
2	3	4	5	6	7	8	
9	10	11	12	13	14	15	
16	17	18	19	20	21	22	
23	24	25	26	27	28	29	
30	31						

DEZEMBER							2 Conseil Supérieur de la Jeunesse 3 6. Comitésversammlung Comitésaktivitéit (Wäindegusatioun & Wantergrillen) 5 Bologna Follow Up 8 CSEN 12 Commission Consultative Aide Financière 16 SI LTPS BE CGJL 26 AG ACEL 27.-28. Tournoi de Noël
S	M	T	W	T	F	S	
				1	2	3	
4	5	6	7	8	9	10	
11	12	13	14	15	16	17	
18	19	20	21	22	23	24	
25	26	27	28	29	30	31	

AG = Assemblée Générale
 SI = Studieninfo
 Sf1D = Student fir 1 Dag
 VDL = Ville de Luxembourg
 CSEN = Conseil Supérieur d'Education National
 CGJL = Conférence Générale de la Jeunesse du Luxembourg
 *BE = Bureau Exécutif

WAT ASS D'ACEL?

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) vertritt haut iwwer 40 Studentencercelen, déi duerch ganz Europa verdeelt sinn. Dëst mëscht d'ACEL zum gréissten an wichtegsten Studentevertrieeder zu Lëtzebuerg.

D'Cerclen bilden haut déi aktiv Membere vun der ACEL a sinn op 8 Länner verdeelt. Dës Vereenegungen empfänken a vereenen d'Lëtzebuerger Studente während hirer Studienzäit an de jeeweilegen Stied am Ausland an zu Lëtzebuerg. Dernieft ginn et nach 7 fachspezifesch Cerclen. Sait senger Grënnung huet sech den Daachverband vun de Studentencercelen dräi Haaptaufgabe gesat:

ZESUMMEBRÉNGEN

D'ACEL organiséiert verschidden Evenementer fir d'Studenten zesummenzebréngen an den Echange zwëschen de Studenten ze fuerderen. D'gréisst Event am Joer ass ouni Zweifel de Studentebal, deem all Joer am Summer organiséiert gëtt. Donieft trieden beim Tournoi de Noël Equippen aus de verschiddenen Unisstied am Volleyball, Fussball a Basket während zwee Deeg géinteneen un. Zanter méi wéi 30 Joer fënnt d'REEL an verschiddenen Studentestied an Europa statt, an gëtt all Joer vun engem aneren Cercle organiséiert. mat enger Mëschung aus politeschen Diskussiounen, kulturelle Visite, Kontakt mat Partner an natierlech flott Owender ënnert Kollegen.



JE N'ÉtudIE PAS
UNIQUEMENT
MON LOOK



Avec **axxess UNIF**, vous profitez d'une carte VISA Classic, d'une carte de débit axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages. Pour garder votre look et faire de vos études une réussite. Pour les étudiants de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur **axxess.lu**

axxess UNIF
100 % JEUNE. 100 % VOUS.


SPUERKEESS

Banque et Caisse d'Épargne de l'État, Luxembourg, établissement public autonome, 1, place de Metz, L-2954, Luxembourg, RCS, Luxembourg B 30775 www.kce.lu tél. (+352) 4015-1

INFORMÉIEREN

D'ACEL bréngt net nëmmen hier Studenten zesumme mä informéiert se och. Dëst mëscht se mat Hëllef vun hirem "Guide du Futur Diplômé", dee geduecht ass dem jonken Diploméierten eng Starthëllef fir an d'Aarbechtswelt ze sinn. Doriwwer er- aus huet d'ACEL sech och als Ziel gesat déi zukünfteg Studenten ze informéieren, an zwar mat hirem "Guide du Futur Étudiant" deen et säit 1987 gëtt an deen all Joer am September nei eraus kennt.

Dëse Guide liwwert Informatiounen iwwert déi verschidden Unien, Aschreiwungs- fristen, Aschreiwungskonditiounen, etc. an natierlech och wat d'Liewen an de Stied selwer betrëfft.

Niewent dësen zwou Publikatiounen geet d'ACEL och regelméisseg an di verschidde Lycée fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren.

REPRESENTÉIEREN

Net manner wichteg wei d'Informatiounscampagne vun der ACEL ass d'Verriedung vun de Studente vis-à-vis vun den Autoritéiten an d'Verdeedegung vun hire Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a regelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministère enner anerem dee fir Héich- schoulbildung a Fuerschung.

D'ACEL beméit sech d'ganz Joer iwwer em konstruktiv Gespréicher mam Ministère fir aktuell Themen ze diskutéieren déi de Student betrëfft.

Esou hunn mir zum Beispill eng Erhéijung vun der Aide Financière erreecht, déi 2016 a Kraaft trëtt.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht dass mir keng bestëmmte partei. politesch Meenung verrieden. Dat ass extrem wichteg well mir eisem Usproch, all d'Studenten ze representéieren, wëlle gerecht ginn.

INTERCERCLEN

Wat geschitt wann zwee vun eise Cerclen am Ausland openeen treffen? An der ACEL gëtt dëst Phänomen „Intercercle“ (IC) genannt. Hei ass Platz fir kulturell, wei sportlech Aktivitéiten an den een oder aneren Drénksproch.

TARTE FLAMBÉE À VOLONTÉ | 10.11.2015

De 19. November 2015 war et nees sou wäit. D'Lëtzebuerger Studente vu Stroossbuerg hunn op hier traditionell Tarte flambée à volonté invitéiert. Nodeems déi 130 Plazen am Viraus a manner wei 5 Stonnen ausgebucht waren, sollt näischt méi am Wee stoe fir en gudden Dag ze verbréngen. Um hallwer 8 Oues ass et am Keller vum Brasseur lassgaangen. Während aner hallwer Stonn ass et dunn gutt iesse ginn an och duuschtereg ass kee bliwwen. D'Stëmmung war wéi all Joer top an d'Leit ware gutt drop. Nodeems deen een oder aneren „Desch an d'Luut“ iwwerstane war, ass et fir déi mëschten Participanten dono nach weider an d'Jimmy's Bar gaange wou bis an de freie Moie gefeiert ginn ass.

AVL CAFÉ RALLYE | 23.11.2015

Den 23. November 2015 huet den AVL erëm op schein traditionelle Café Rallye-Intercercle agelueden. De Start war um 18 Auer am Kaktus wou d'Gruppen opgedeelt gi sinn. Eng hallef Stonn drop sinn d'Participanten an hire jeeweilegen Teams gestart. Um Programm stoungen insgesamt 8 Café wou eng breet Unzuel un Spiller wei Pantomim, Flipp-Cup oder Ofschätze vu Saachen organiséiert gi sinn. Donieft ass an all Café nach e Froebou ausgedeelt ginn, deen um Enn ausgewäert ginn ass.

Nodeems déi lescht Équipe eréischt um Véierel op 3 zrëck am Kaktus ukomm ass, konnt alles ausgewäert an de Gewënner mat enger Fläsch Schampes geëiert ginn. Dono ass bis 5 Auer moies nach weidergefeiert a gesonge ginn.



BADISCHE MEILE | 26.11.2015

Och dëst Joer hunn Karlsruher Studenten erëm hier Badische Meile organiséiert. Heibäi handelt et sech em en Café Rallye wou insgesamt 5 Café besicht ginn, an deene Froen a Spiller op di ronn 70 Participante waarden. E Quiz, Gewiichter schätzen oder Mole bidden ofwieslungsräich Aktivitéiten. Am Stonnen Takt si Gruppen duerch di verschidde Café gaangen. Zum Schluss hunn se sech alleguer op enger Plaz afonnt fir Auswärtung a Gewënner sinn ausgezechent ginn. Als Ofschluss gong et dunn an de „Karambolage“ wou den Owend ausklänge gelooss ginn ass.



NIKLOS RALLYE | 03.12.2015

Ufank Dezember war et erëm souwäit an d'Stroosbuenger Studenten hunn hiren traditionellen Niklosrallye organiséiert. Dëst Joer gouf et allerdéngs eng Ännerung weinst dem "Etat d'Urgence" deen a ganz Frankräich ausgeruff gouf an doduerch krut ALUS keng Autorisatioun. De Comité huet sech doropshin eppes aneschters iwwerluecht an et ass beim Standard Treffpunkt bliwwen. 80 Participanten haten sech op der Place d'Austerlitz afonnt fir vun do aus an d'Gruppen op di verschidde Statiounen ze starte wou kniwweleg Froebéi op si gewaart hunn.

Ukomm bei deene verschiddenen Treffpunkten, hunn Spiller wéi zum Beispill Tabu-Christmas-Editioun, Zockerstaange-Parcours op d'Participante gewaart. Beim Parc de la Citadelle lounge Kleesecherskostümer fir d'Leit prett an dunnen huet et geheescht kreativ sinn : Op eng Chrëschtmelodie misst een eng Choreographie vun 30 Sekonnen tanzen a singen. Eis Lauter'er Kollege wollten dem President onbedéngt säi Lidd singen an do gouf kuerzerhand d'Lidd op d'Melodie vun Jingle Bells gesongen. Während déi eng Grupp Maccarena op Last Christmas gedantz hunn, waren anerer esou kreativ an eegenen Danz op Oh Tannenbaum ze erfannen. Nodeems jiddereen de Rallye hannert sech hat, ass et mat enger Siegeréierung weidergaangen, fir dono nach am Public House den Owend weiderzefeieren. Eng doze Leit hunn sech dono nach op enger After Party getraff fir bis an d'Mueresstonnen weiderzefeieren.



FRIBLÉTZ APRÈS-SKI PARTY |

05.03.2016

De 5. März hunn d'Lëtzebuenger Studenten zu Fribourg am Studentenzentrum Centre Fries erëm hier mëttlerweil legendär Après-Ski Party gefeiert. Och dëst Joer hunn erëm eng ganz Rei Studente vun Auswäerts de Wee an dat klenge Fribourg fonnt.



Um 17 Auer war de Startschuss a lues a lues sinn d'Leit ukomm fir mam Friblëtz ze feieren. Fir lessen a virun allem fir ze drénke war gesuergt an d'Stëmmung huet hiren Héichpunkt erreecht, wat och um DJ Kiko loung, deen extra vu Lëtzebuerg de Wee op Fribourg fonnt huet. Um 22 Auer war dunne e Schock-Moment: De Wodka an de Wäin waren ausgaangen, mee kuerzerhand ass deen och erëm opgefëllt ginn. Um Mëtternuecht huet de Centre Fries dunne seng Dieren zougemaach an d'Leit si weider an den Irish gezunn. Eng kleng Grupp hat um 3 Auer nach ëmmer keng Loscht heemzegoen an ass nach weider an de Rock Party maache gaangen.

ROUTE DU VIN | 02.04.2016

Den 2. Abrëll dëst Joer war et erëm sou weit, d'Route du vin stoung um Programm. Lass gaangen ass et moies um 8h zu Stroosbuerg virum Colisé. Deen éischten Arrêt op der Route war zu Epfig wou de Wäikeller gewise ginn ass. Deen éischte Wäin huet net laang op sech waarde gelooss. De Kader war zwar bësse méi rustikal, dofir goufen et awer ongeféier 10 verschidde Wäiner ze schmaachen déi och all gutt erofgaange sinn. Fir d'Mëttegiessen ass en Stop am wonnerschéine Riquewihr gemaach ginn, wou de Kach fir den Dessert geschätzte 4 Fläsche Grand Marnier verbraucht huet. Fir den traditionellen Dësch-an-d-Luucht wa Motivatioun do, mee un der Ëmsetzung huet et bësse gehapert, déi geschaten 200kg schwéier Dëscher waren einfach ze schwéier. Nom Mëttegiessen ass et dunne an di nächst Kellerei gaangen. Dëse Wäikeller war zwar e bësse méi „Haut de Gamme“ an duerfir gouf och un der Unzuel vun de Prouwen an der Quantitéit am Glas gespuert, mee de Goût huet dat dofir erëm gutt gemaach. No der Besichtigung stoungen 2 Stonne Fräizäit um Programm an dono ass et zréck op Stroosbuerg gaange wou nach een Owesiessen am Restaurant „Au Saint Martin“ um Plang stoung wou den Owend gemittlech ausklänge gelooss ginn ass.



SWISSCUP | 09.04.2016

Dëst Joer huet den traditionelle Swisscup zu Zürich stattfonnt. Wei all Joer ware e rëm Cercle vu Fribourg, Lausanne an Zürich vertruete fir em Coupé am Fussball, Basketball an Volleyball ze kämpfen. Allerdéngs gouf et dëst Joer och eng Premiere, nämlech huet och eng international Equipe vu Lëtzebuerger Studenten matge spillt. Am Fussball huet Zürich no engem erfolleglose Joer erëm op mannst eng Disziplin gewonnen. Fribourg huet souwuel am Basketball wei am Volleyball Victoire remportéiert.

Nodeems dann haaptsächlech déi Fribourger an der Hal fir gutt Stëmmung gesuergt hunn, si mer Owes och nach bei den Italiener gutt iesse gaangen. Enner anerem ass natierlech den Dësch an d'Luucht gehuewe ginn, an och nach puer aner Lidder sinn ugestëmmt ginn. Serveure waren sou iwwerrascht vun der gudder Stëmmung, dass se mol direkt puer Fotoe gemaach hunn, well se Lëtzebuerger Studenten net gewinnt sinn. Dono ass et och nach op eng Studentenparty wieder gaangen. Alles an allem also ee gelungenen Dag. Nächst Joer fënnt de Swisscup dann zu Fribourg statt, wou mer hoffentlech erëm all sou ee gudden Dag verbréngen kennen.

EBBELWEI-EXPRESS | 21.04.2016

Rhein Main Studenten hunn 2016 scho fir véierte Kéier hiren Ebbelwei-Express Intercercle organiséiert. Wei all Joer huet Wieder sech erëm vu senger sonneger Säit gewisen, während mat der aler Stroossebunn duerch d'Metropol vum Rhein-Main Gebitt gefuer ginn ass. Servéiert gouf traditionell Frankfurter, Béier an Äppelwäin. No der sëffeger Zuchfaart ass et weider bei de Rhein gaange wou déi eng oder aner Béier gedronk ginn ass. Owes sinn dann all Leit zesumme bei den Adolf Wagener iesse gaangen, woubäi den traditionellen „Dësch an d'Luucht“ och net huet dierfe feelen. Nodeems sech jiddereen de Bauch gutt gefëllt huet, ass et weider an eng Karaoke Bar gaange wou den Owend verbruecht ginn ass.

Den anere Moie sinn d'Participanten dann bei hirem Hostel ofgeholl ginn an hunn sech fir den Ofschloss op de Wee op e leckere Brunch gemaach.



TOURNOI DE L'AMBASSADEUR | 23.04.2016

Den 23. Abrëll hunn di Lécker Studenten erëm hiren traditionellen Tournoi de l'Ambassadeur organiséiert. Lass gaangen ass dat ganzt um 10 Auer moies zu Leck um Fussballsterrain, wou sech 6 Equippen afonnt haten. Zaapanlaag war ugeschloss, de Grill wa gestart an sou hunn sech eng etlech Supporteren afonnt fir hier Equipe ze ënnerstëtzen. Nom Tournoi ass dann nach de Roi national gekréint ginn. Als Ofschloss hunn Spiller a Supporter zesummen an enger Locatioun beim Terrain zesumme gefeiert.

SAU-FEST | 13.05.2016

Esou wei d'lescht Joer hunn d'Wiener Studenten och dëst Joer erëm hiren Intercercle um Päischweekend organiséiert. Freides ass et lass gaange wou sech Participanten am Brickmackers getraff hunn fir bei Craft Béier a Spare Ribs op de Weekend anzestëmmen. Samschtes war dann dat traditionellt Sau-Fest vun de Wiener wou bei guddem Wieder vun 12 Auer Mëttes bis Owes op der Donauinsel gefeiert gouf. Fir 2 Sai a fir genuch Gedrénks wa gesuergt, fir et de ganzen Dag auszehalen. Dass et méi spéit ginn ass, dass Stëmmung ëmmer besser ginn ass. Sonndes war dann Rendezvous am Salmbräu wou bei engem Wiener Schnitzel an engem Hausbéier den Ofschloss vun der Intercercle gefeiert gouf. Dono ass et nach zesummen an d'Bettelalm gaange wou bei Schlagermusek bis an de freie Moien eragefeiert gouf.

SOCCER GOLF | 04.06.2016

De 4. Juni 2016 hunn d'Studente vu Freiburg op hier éischt Intercercle invitéiert. 24 Leit aus véier verschidde Cercle hatten sech zesummefonnt fir hier Talenter op engem Golfparcours ënner Beweis ze stellen. Allerdéngs ass et hei dorëms gaangen de Ball mam Fouss an d'Lach ze schéissen. Wieder wa gutt, Motivatioun wa grouss an sou stoung engem gudden Daach näischt méi am Wee. D'Freiburger hatten sech zousätzlech em Gegrills a Gedrénks gekëmmert, fir „Golfer“ net mat eidele Mo spillen ze loossen. Owes ass dann am Martinsbräu zesumme giess ginn a Spiller sinn ofschléissend nach an den Harmonie Keller gaange fir zesummen ze feieren an den Dag auskléngen ze loossen.



BONNYMPIADE | 09.06.2016

Net nēnnen a Brasilien ass d'Joer eng Olympiad organiséiert ginn. Ufank Juni war et de Bonner Cercle den seng Bonn(y)mpiade organiséiert huet. Um 14 Auer si Spiller empfaange ginn, fir kennen um 15 Auer pénktlech mat den Olympesche Spiller unzefänken. Agedeelt a 5 Gruppen hunn insgesamt 15 Leit deelgeholl a sinn an deene 6 Competitioune géinteneen ugetrueden. Enner anerem stounge Schätzen, Schubkarrennen a Ball-Golf um Programm. Donieft huet een och missen e Froebou ausfëllen. An der Final ass dunn Blannen-Fussball gespillt ginn. Als Ofschloss ass zesumme gegrillt ginn an uschlëssend hunn sech Participanten op de Wee an d'Bonner Nuetsliewe gemaach fir hier eegen Olympiad ofzeschlëssen.

BEACHVOLLEYBALL LAUTERN | 15.06.2016

Och d'Joer sinn zu Kaiserslautern erëm d'Netzer gespaant ginn an den LSK huet op säin traditionelle Beachvolleyballs-Intercercle agelueden. Net manner wie 30 Equippen aus 16 verschiddene Cercle hunn de Wee op Lautern ugetrueden. Nodeems d'Wieder seng Startschwierigkeiten hat, huet sech am Nomëtten d'Sonn gewisen an huet déi souwisou gutt Stëmmung nach verbessert.




De Ganzen Dag iwwer sinn net nēnne Matcher gespillt ginn, mee den LSK hat och de Grill ugeschmass a fir eppes géint den Duuscht war och gesuergt. Den Innsbrucker Cercle konnt sech an der Final géint di Bréisseler duerchsetzen an huet de Pokal mat Heem geholl. Nodeems Final gespillt war ass et dunn mat enger Navette an eng Grillhütt gaange wou en Zalotebuffet an e BBQ op Spiller a Supporter gewaart huet. Mat DJ a Flatrate-Party ass dunn de ganzen Owend, bis an de Mueren eran, an der Hütt gefeiert ginn. De Moien drop ass sech dunn no engem Kaffi an enger Mëtsch op den Heemwee gemaach ginn.

SUMMERCUP | 02.07.2016

No hirer Victoire d'lescht Joer, war et d'Joer un de Stroosbuerger Studente fir de Summercup ze organiséieren. Zu Ierpeldeng um Fussballsterrain haten sech fēnnef Equippen afonnt fir géinteneen ze spillen. Um 10 Auer moies ass et lass gaangen an op zwee Terraine gläichzäiteg si Matcher ugepaff ginn. Den Ierpeldenger Fussball huet de ganzen Dag iwwer Buvette geschmass an hunn sech zousätzlech em de Grill gekëmmert. Lues a lues sinn d'Supporteren och agetraff an hunn fir gutt Stëmmung gesuergt. Mëttes stoung en Beerpongturneier um Programm, dee verbonne mat engem Saufpokal war. Géint 18 Auer war de Summercup 2016 fäerdeg an déi eng oder aner Afterparty ass gestart ginn.

OKTOBERFEST INTERCERCLE | 29.09.2016

“O'zapft is!” huet et och d'Joer erëm geheescht wou scho fir zweete Kéier de Münchener Cercle op hiren Oktoberfest Intercercle invitéiert hunn. Net manner wei 17 verschidde Cercle ware vertraude fir zesummen ze feieren. De Start war Donneschdes Owes am Löwenbräukeller wou mat engem Schnitzel an enger Maß Béier op de Weekend agestëmmt gouf. Hei huet den „Dësch an d'Luucht“ och natierlech net dierfe feelen. Um 1 Auer huet den Dag da fir déi meescht en Enn fonnt, well den Dag drop ass et op Münchener Oktoberfest gaangen. Rendez-vous war hei Freides moies um 9 Auer virum Hacker-Pschorr Festzelt. Pénktlech um 10h30 sinn Dieren opgaangen a Participanten hunn Plaz am Zelt geholl. Bis 23 Auer hunn vill vun hinnen et bannen ausgehalen an hu gedantz, gefeiert a gesongen. Dono war nach After-Wiesn-Party ugesot. Samschtes ass den Dag dunn méi gemittlech verlaf an als Ofschloss stoung am Mëtten e Besuch um Nymphenburgerschlass um Programm.



REEL 2016



L'Etienne – Inoffiziellt REEL-Lidd Lautern'16

Melodie : An engem klengen Dueref

Text : S.O.A.P. '16 (Steve, Olivier, Anouk, Pierre)

Mam Schneider als Minister do si mir wierklech lass.
Hien huet kee Liiblingsdéier dat ass dach wierklech krass.
Well wie mir konnte liesen de Feierkrop dee sot.
D'RAEL de leschte Weekend déi huet de Schrëtt gewot.

Refrain :

Hei t'ass eng Freed wa Lautern steet.
Mir waarden op de Bus, mam Saufen ass net Schluss.
Mir behuelen ons gär donieft.
Et gëtt just domm geschwat.
A mir sinn all Dag sat.

Wat musse mir hei saufen, de Bitburger de suckt.
Wou bleift di Palette Béier, Lautern huet verkackt.
Well di schéin A-M Katztuut di ass scho gutt gefällt.
Mee leider musse e soen den Zweck gouf net erfëllt.

Refrain

Den Heintz dat wor ee Kärel, deen huet eis gutt gefall.
D'RAEL 2017 di fënnt jo statt am All.
Domat hu mir kee Problem, den Etienne weess Bescheed.
Well mat Deepspacemining huet d'Staatskeess ganz vill Freed.

Refrain

D'RAEL an engem Hotel, ween hätt dat scho geduecht.
Konservativ REEL'aner di sinn ebe verbruet.
Och Calicoten klauen dat muss geléiert sinn.
Vill Léit hei op der RAEL dat einfach net verstinn.

Eng REEL war nach ni eppes fir Léit, déi gäre laang am Bett leie bléiwen. Dorun huet sech och bei der 32. Editioun näischt gedoen. Eng zweete Kéier no 1990 haten eng 120 Studenten sech um 5 moies an de Bus gesat, mam Zil: **Kaiserslautern!**

26 Joer huet et also gedauert bis an dëser klenger Studentestad, déi soss just wéinst méi oder manner erfollegräichem Fussball bei de Lëtzebuerger bekannt ass, erëm e bësse Stëmmung opkomm ass. Den 18. Oktober 2015 ass déi 31. REEL zu Réimech op en Enn gaangen. Eng éischter duerchschnëttlech Bouchée à la Reine konnt duerch eng super Stëmmung kompenséiert ginn, soudass all Mënsch e gelongen Owend an eng gelonge REEL hannert sech hat. Fir vill Studenten ass dëst den traureg Dag am Joer, well et e ganz Joer dauert, bis déi nächst REEL usteet.

Traditionell krit um leschten Owend eng nei Stad d'REEL un d'Häerz geluecht. Zu Tréierer waren et e puer motivéiert Léit, déi no 2010 erëm wollten eng REEL an d'Schwäiz huelen. No laange Kalkulationen ass dëst Zil awer als net realisabel deklaréiert ginn. Et huet also missen eng nei Stad hier.

No e puer Telefonater dann en éischten Hoffnungsschimmer. Et huet sou ausgesinn, wéi wann e motivéierte Käre (oder och Karel) sech där Saach wéilt unhuelen. Ënnert de Studente méttlerweil besser bekannt als „Mettwurscht-Roemen“, huet de Charel sech seng Kollege gekroopt an ass déi Saach du schlussendlech ugaangen.

D'REEL 2016 fënnt also zu Kaiserslautern statt. E Cercle, de bis dato haaptsächlech wéinst senger Mettwurstchen um Studentebal, an hire Kotletten um Beachvolleyball-Intercircle bekannt war, dat ka jo eppes ginn!!

Den 6. Oktober ass et dunn endlech lass gaangen. Donneschdes fréi moies huet de Bus sech vum P&R Houwald a vun Dikrech aus op de Wee gemaach.

D'Fiederwäissen-Saison war grad frësch agelaut, a sou hunn sech eenzel Léit natierlech net huele gelooss, sech dat éischt Glas scho moies gutt schmaachen ze loosse. Méi oder manner fit ass et dann traditionell mat den ACEL Workshopen ugaangen. De REEL'aner stoungen dobäi 3 verschidden Themen zur Auswiel. Eng Kéier den Informationsaustausch zwëschen de Cercle, der ACEL an de Studenten. Den zweete Workshop huet d'Thema vun der REEL 2016 behandelt: de Student nom Studium. Am drëtten Workshop goug et dunn em de Cercles-Guide.

No engem Ausflug an d'Mensa an dem Check-In am Hostel ass et dunn mam Rallye duecht Stad wieder gaangen. Zil dobäi ass et, d'Stad an d'Léit kennenzuléieren.

6. – 9. OKTOBER 2016



Op enger Gesamtlängt vu bal 14 Kilometer war duerfir och méi wéi genuch Zäit. Fréier oder spéider sinn d'Léit dunn am Restaurant ukomm. Déi aner Gäscht, déi sech op e romanteschen Owend an der Pizzeria gefreet haten, si leider net wierklech op hier Käschte komm. 120 Studenten, wouvun de Gros vun de Léit sech un den Dresscode vum Owend gehalen huet (Bad Taste), si licht beschwipst ukomm an hunn dat een oder anert Liddchen ugestëmmt. Déi traditionell REEL's-Stëmmung ass deemno ëmmer méi opkomm, a sou ass et och schonns an de Pflaumenbaum gaangen, wou d'REEL'aner eng éischte Kéier bis an de freie Mueren op der Soirée privée gefeiert hunn.

Vill Zäit fir ze schlofe war allerdéngs net. Moies fréi ass et mat de Visite weider gaangen. Vun enger Stadion-Féierrung bis hin zu enger Géisserei, hei war fir jiddereen eppes dobäi. Zesummefonnt hunn sech d'Léit dann erëm Mëttes am Restaurant. De REEL's Comité hat sech hei eng éischte Kéier fir d'Solutioun vum Buffet entscheet. No e bësse waarden hat da jiddereen säi Stéck Roastbeef um Teller. Vu dass et nach e laangen Daach sollt ginn, ass de Krunn hei awer zoubleiwen. Deemno hunn sech d'Léit Zäit domadder verdriwwen, sech mat Käschten ofzeschéissen.

Nom Mëttegiessen am Bremerhof ass et dunn mam Bus an d'Frauenhofer Institut gaangen. Eng REEL wär ouni d'Ennerstëtzung vun deene ville vertruede Partner natierlech net méiglech. Alt erëm war et och flott ze gesinn, dass e puer bekannte Gesichter mat de Joren d'Säit gewiesselt hunn. No ville Joren als Participant op der REEL sollten och dëst Joer erëm puer Ancienen ënnert de Partner sinn. D'Studente kruten op der Partnerfoire dunn och d'Méiglechkeet gebueden, déi eenzel Entreprise besser kennen ze leieren an sech no engem Stage ze ëmfroen. Dëst huet am Business and Innovation Center, de just eng Hausdier weider war, stattfonnt. Nodeems sech d'Studenten an d'Partner de Bauch op engem Walking Dinner vollgeschlo hatten, ass et wieder an d'Markthalle gaangen. Hei konnten och Visiteure vu baussen zesumme mat de REELaner op der Soirée publique feieren. Alt erëm ass et bis an de fréie Moie gaangen.

Et waren deemno ganz midd Studenten, déi sech Samschdes Moies an hier Tallek-Schong hu missten zwéngen, oder mat verschlofen Ae virum Spigel hier Krawatte hu misse bannen. Et war erëm Zäit fir den offiziellen Deel vun der REEL. Dëse gouf ageleet vun e puer waarme Wieder vum REEL's Presi a vum President vun der Uni. Du war et um héije Besuch. Keen anere wéi de Vize-Premier Etienne Schneider huet d'Wuert ergraff. An enger Diskussioun iwwert d'Fuerschung als Zukunft zu Lëtzebuerg huet eise Vize-Premier e puer ganz interessant Aspekter vun der wirtschaftlecher Laach zu Lëtzebuerg beliicht. Fir d'Studente bei Laun ze halen, hunn natierlech och e puer Anekdoten aus senger Studentenzäit net dierfte fehlen. Och seng grouss Patioun vun der Exploitierung vum Weltraum ass zu Ried komm. Sou huet den Här Schneider fläisseg Reklamm fir den Deep-Space Mining gemaach.

Weider ass et dunn mam Mëttegiessen am Seehotel Gelterswoog gaangen. Op e Néits hat de Comité d'Iddyl vum Buffet ëmgemat.

Mat gefülltem Bauch sollt et zréck an d'Frauenhofer Institut goen. Et war Zäit fir d'Podiumsdiskussioun. Dobäi stoungen d'Aussichtchen vum Akademiker nom Studium am Mëttelpunkt. Nieft dem Héichschoulminister Marc Hansen soutzen och de Carlo Frising vun der Chambre des Salariés, de Jean-Jacques Rommes vun der Union des Entreprises, an de Laurent Cattarinussi als President vun der ACEL mat um Dësch. Och de Christian Kmietek, Grënner vum Start -Up Drink&Drive soutz mat um Dësch. Dësen huet allerdéngs net nëmmen d'Start-Up Szene an dësen Debat abruecht, mä och deen een oder anere Säitenhieb ausgedeelt. Alles an allem war et e ganz liewegen

Debat, de mat engem Patt op en Enn giong. Bei dësem Patt gouf de Vize-Premier dann intensiv beaarbecht, fir mat de Studente mam Bus mat an de Restaurant ze fueren, amplaz sech vu sengem Chauffeur feieren ze loosse. Laang huet den Här Schneider net gezeckt, a sou giong et op eng ganz amusant Busfaart. Sou munch Telefonsnummere goufen ausprobiert, e Facetime-Call mam Premier Xavier Bettel am Bus, den iwwert de Mikro iwwerdroe gouf, dat gesäit een och net op all REEL. Och de Claude Meisch huet sech et net huele gelooss e puer Wieder iwwert d'Live-Schaltung un d'Studenten ze riichten. Just de Jean Asselborn huet der Saach net ganz getraut an huet verdutzt agehaangen.

D'Stëmmung war deemno um Héichpunkt. Och wann dem Här Schneider sengem Security déi ganz Saach net geheier war, sou ass et du mat engem gudden Oweiesse (dass et Buffet war muss op dëser Platz net erwähnt ginn) wieder. Den Etienne (Mir ware laang beim Du ukomm), huet sech ëmmer méi an seng Studentenzäit zeréckversat gefillt. Sou war et nom Francois Bildgen dann och endlech erëm e Minister, den eis gewisen huet wéi een e richteg Kopplabunz mëscht. Den Owend huet sech dunn wéi gewinnt bis an déi frei Moiesstonne gezunn, wou d'Band vun Zero Point Five

wéi dë lescht Jore fir déi néideg Stëmmung gesuert hunn.

De leschten Daach stoung un. No enger Busfaart op Pirmasens ass dunn mol d'Sich nom Restaurant ugaangen. Leider hat de REEL's Comité vergiess nozekucken, wou genee de Restaurant ass. Doduerch ass anengems eng Sightseeing-Tour duerch dat schéint Pirmasens erausgesprongen. Nom lessen (Buffet) war dunn e puer REELaner langweileg ginn. Sou hunn se dovou profitiert, dass e schéine Sprangbur virun der Dier war. Am Waasser schwammen d'Saache jo bekanntlech gutt.

Déi Léit, déi nach ëmmer net genuch vum Alkohol hate konnten sech et dunn nach op enger Wäindegustatioun gutt goe loosse. Déi aner Léit sinn an d'Schwämm op Landau gefuer, wou dëst Joer de Rekord vun der Fleischpastete am Whirlpool leider net konnt gebrach ginn.

D'Léit hunn sech dunn am Betzenberg erëm zesummefonnt fir dat lescht gemeinsam Oweiesse. No engem Aperó am komplett eidele Stadion ass et dunn mat engem Oweiesse wéi et an engem Stadion üblech ass op en Enn gaangen. De Léit war d'Middegkeet ëmmer méi ofgesinn an sou ass et dunn mat Zäiten zréck an d'Heemecht gaange.

4 ustrengend, ënnerhaalsam an interessant Deeg louchen hannert de REELaner. Spéitstens nom Ausschlofen huet awer scho jiddereen sech op déi 33. REEL 2017 gefreet!

STUDENT FIR 1 DAG

Als Lycéesschüler 1 Dag liewe wéi e Student, entdecke wéi et ass, op der Uni a Couren ze goen an eng Unisstad zesumme mat Studenten entdecken. Dat alles erméiglechen engem d'ACEL an hire Membercerclen.

An der Ouschtervakanz war nees de Student fir 1 Dag.

Ganzer 10 Reesen an eng Informations Versammlung goufen zesumme mat eise Cerclen organiséiert. Moies frei ass et mam Bus vum Houwald a vun Dikkrich aus lass gaangen. Bei deene meeschte Reese stoung moies eng kleng Presentatioun vun der Uni a vum Cercle um Programm mat enger Uschléissender Besichtigung vun der Uni. Am Nomëtten ass eng Visite vun der Stad gemaach ginn, e et dann no eng em Patt am Stammlokal vum Cercle zeréck op Lëtzebuerg goug.

Mir hoffen et huet alle Schüler um Student fir 1 Dag gefall an dass dir all är Froe beantwortert krut, falls net kënn dir eis gäre per Mail oder Facebook kontaktéieren.

Hutt dir de Student fir 1 Dag verpasst? Dann liked eis op Facebook fir déi nächst net ze verpassen.



RELAIS POUR LA VIE

D'LËTZEBUERGER STUDENTEN ZESUMMEN GÉINT DE KRIIBS

Den 19. an 20. Mäerz 2016 huet d'ACEL zesumme mat senge Cerclë beim Relais pour la Vie matgemaach. 24 Stonne laang hunn d'Lëtzebuerger Studente Solidaritéit gewisen a waren an der Coque präsent a si matgelaf.

Um Tournoi de Noël, dee mir an Zesummenaarbecht mat der LASEL an der Chrëschtvakanz organiséiert hunn, hu mir 5221,10€ gesammelt, déi mir integral un d'Fondation Cancer am Kader vum Relais pour la Vie gespent hunn.



Am Dossier vun der GEZ ginn et aktuell nei Informatiounen. No der Question parlementaire am Europaparlament vum Charles Goerens huet d'Kommissioun matgedelt dass en ähnliche Fall mat Holland aktuell viru Gericht ass. D'Kommissioun géing dann och dëst Uerteel ofwaarden éier dass si di däitsch Autoritéite kontaktéiert.

Et kann een awer ab elo och en Formulaire beim CEDIES ufroe fir sech vun der GEZ befreien ze looszen. Dëse Formulaire baséiert op engem Ziedel deem d'GEZ neierdénge de Lëtzebuerger schéckt fir dass déi sech kënne befreie looszen. De Formulaire vum CEDIES huet genau dee selwechten Inhalt, et kritt een en awer nëmme wann een och eng Bourse sociale kritt. Dofir kann een de Formulaire och just ab dem Schouljoer 2014-2015 ufroen, well et virdrun nach keng Bourse Sociale ginn ass. De Formulaire kann ee ganz einfach per Email op info@cedies.public.lu ufroen.

An der Email muss stoen:

- ären Numm
- Reference interne oder Matricule
- fir wéieen Joer de Certificat soll sinn

Well mir lo net ganz sécher wëssen op dat mat deem Formulaire sou funktionéiert wiere mir frou fir Réckmeldunge vun iech ze kréien, op dat geklappt huet, oder op et evt Problemer goufen an d'GEZ sech nach ëmmer queesch stellt. Och Erfahrungen, dat heescht wann d'GEZ iech befreit huet intresséieren eis fir dass mir déi richteg Informatiounen kënne un d'Studente weider ginn.

Hei fann dir de Formulaire (Beispill) vun der GEZ, deem si un d'Leit verschécken. Dat heescht falls der mam Ziedel vum CEDIES ofgelehnt sollt ginn, da kennt der iech drop bezeien, dass d'GEZ offiziell sou en Formulaire huet fir sech befreien ze looszen an dass dee vum CEDIES genau dee selwechten Inhalt huet.

Sollten et nei Informatiounen heizou ginn, wäerte mir déi natierlech hei och verëffentlechen. Wann der nach weider Froe sollt hunn kënnt dir eis natierlech och gäre kontaktéieren.

GEZ – WÉI KANN ECH MECH DOVUNNER BEFREIE LOOSSEN?

ARD ZDF DEUTSCHLANDFUNK

11271-0-1-1

Nachweise zum Antrag auf Befreiung von der Rundfunkbeitragspflicht für Studierende aus EU-Mitgliedsstaaten

Zur Nachweise bitte vorstehendes Formular von der Person, die die Studienbescheinigung besitzt, ausfüllen lassen und senden an: ARD-ZDF-Deutschlandfunk, 50669 Köln

GEZ?

Wéi kann ech mech dovunner befreie looszen?

DE STUDENTEBAL

Den 22. Juli wa et erëm sou weit. Den traditionelle Studentebal wa, wie och an deenen leschten Joeren, nees op der Wiss nieft dem P&R Bouillon statt. Dat ganz war Open-Air an an engem groussen Zelt.

Net manner wei 32 Cercles op 14 Comptoirs waren dës Joer aktiv an hunn mat hiren Special Drinks dofir gesuergt, dass jiddereen eppes fënnt wat em schmaacht. Zousätzlech gouf och gegrillt fir den Mo virum, während oder nom feieren ze stäipen.

Fir déi néideg Stëmmung hunn den "DJ M Double U" an "The Diamonds" gesuergt.



DE STUDENTEBAL AN ZUELEN

3350L		LITER U BEIER DÉI VERKAAF GI SINN
270		UNZUEL UN FIRBEREEDUNGSDEEG
15		UNZUEL U COMPTOIREN
32		UNZUEL U CERCLEN
1		UNZUEL U FESTGEFUEREN CAMIONEN
44		UNZUEL U LITER REEN/M ²
2		UNZUEL U PARTIELLE STROUMAUFSÄLL
46		STONNEN VUN ENGEM DUECHSCHNETTS COMITÉSMEMBER UM SITE
825		M ² OPEN AIR
1750		M ² ZELT
21120		BENOTZTE BESCHEREN
42		GITTEROOFSPERRUNG A METERN

TOURNOI DE NOEL

Hei sinn d'Resultater vum Tournoi de Noël vum leschte Joer. Kritt Kënnst Oochen och dëst Joer nees op d'Trëppchen?



VOLLEYBALL

- Oochen
- Freiburg
- Bréissel

BASKETBALL

- Oochen
- Köln
- Uni.lu

FUSSBALL

- Bréissel
- Bastnesch
- München

GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ



Du bass mat der Schoul fäerdeg oder hues däin Unisdiplom an der Täsch, a wëlls gäre schaffe goen ?


D'ACEL bréngt all Joer de Guide du Futur Diplômé eraus mat allen Informatiounen fir dir däi Start an d'Berufsliewen ze vereinfachen.

Hei fënns du déi néideg Informatiounen iwwer d'Opstelle vum dengem CV an enger Lettre de Motivation, esou wéi den Oflaf vum engem Virstellungsgespräch. Du kanns hei och noliessen, wéi s du dech kanns selbststänneg maachen. Och wann s du wëlls Chercheur ginn, fënns du an dësem Guide d'Demarchen déi een dofir maache muss an d'finanziell Ënnerstëtzung déi een dofir ufroe kann.

Donieft fënns du nach vill praktesch Informatiounen iwwer d'Pensioun, de Wunngsmaart, de Lëtzebuerger Sozialsystem an eisen Aarbechtsmaart.

De Guide du Futur Diplômé ass gratis. Du fënns en zum Beispill um Stand vum der ACEL op der Foire de l'Etudiant, an all Spuerkeessagence, beim CEDIES, op der Uni. lu, beim CPOS, der BNL, der Maison de l'orientation (ADEM), dem PIJ Esch, CIJ an natierlech och beim Comité vum der ACEL an online als PDF (www.ancel.lu).

Fir weider Froen, kanns du dech awer och per Email, bei der ACEL (contact@ancel.lu) mellen.



EIS NEI HOMEPAGE ASS DO!



ACEL
de Studentevertrieder